# WANDROUS

LIONS BLEUS
Ausgab N°384
OKTOBER-DEZEMBER

**WANDROUS**
Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230**
Paperless: **58 /230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

**LIONS BLEUS**
Online: **www.lionsbleus.lu**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
**CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000**

## FNEL NepalCamp'23



**! UP TO DATE MAT DER WANDROUS !**
**Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.**

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op **Facebook**
www.facebook.com/lionsbleus

# Waat brauchs DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op **gudd Scoutsmaterial** an op **eng exellent Beroodung**?
DU hues eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Dann ass hei Adress fir dëch:
**VIKING-ADVENTURES zu Tréier!**
Paulinstrasse 25   D-54292 Trier




## d'LIONS BLEUS
## kaafen beim
## VIKING-ADVENTURES !

* **DU** kriss op ALL Artikel **10% Ermässegung**,
wanns DU déng **gülteg Lions Bleus Memberskaart** fiirweisen kanns !!!




# www.viking-adventures.de

# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus‘

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.**
mat engem Ordre permanent*
**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount**
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat.
Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraaften ass
Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**

# LBB goes PAPERLESS



**Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,**

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskussiounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!




Heimat wëll ech ........................................................ méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.
  Dëst op d'Adress: ..............................................................................
- ☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

# CHEFFEN 2023-2024

## Simply present LBB-STAFF for 2023-2024:



**Léif Elteren,**
Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.
Zéckt nët fir Sie ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.

**Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:**
FLAMMANG Adrien (Loup)
ENGLEBERT Lara (Dama)
HEINEN Catherine (Fugu)

**Contacts:**
Allgemeng E-Mail: **cheffen**@lionsbleus.lu
just Chef de Groupe: **cg**@lionsbleus.lu

**BEAVER (BV)**
FRISCH Danie (GriGri)
FLAMMANG Raphaël (Mankei)
ORELLANA Ruben (Reebou)
BOURQUEL Chris (Titan)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

**Allgemeng Email: beaver**@lionsbleus.lu

**MEUTE (LX)**
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)
RODESCH Jasmine (Matka)
FLAMMANG Adrien (Loup)
WOHLGENANNT Amélie
MILLIM Alex

**Konto:**
Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

**Allgemeng Email: meute**@lionsbleus.lu

**TROUPE (SC)**
PIRON Aleksis (Pongo)
PIRON Nicolas
HEINEN Catherine (Fugu)
DUARTE Lea
PEPIN Cédric
MAJERUS Ketty

**Konto:**
Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

**Allgemeng Email: troupe**@lionsbleus.lu

**EXPLORER (EX)**
LAMAMRA Harry (Mammut)
MAJERUS Max (Lynx)
FRISCH Pit

**Konto:**
Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

**Allgemeng Email: explorer**@lionsbleus.lu

**ROVER (RO)**
HEINEN Nora (Quagga)
ENGLEBERT Lara (Dama)RéserveCH

**Email: rover**@lionsbleus.lu

**TEMBO (TB)**
SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)

**Email: tembo**@lionsbleus.lu

# FICHE MÉDICALE 2023-2024

**Léiw Elteren,**

Vum lëtzebuergëschen Gesetz hir sinn mir verpflicht, ëmmer um neisten Stand ze sinn, waat d'Gesond-heet an d'Wuelbefannen vun ärem Kand ugeet. Dowéinst wëllen mir Iech bieden, fir d'Scoutsjoër 2023-2024 eng Fiche Médicale auszefëllen an den Cheffen oofzeginn. Dës ganz Donnéen ginn vertraulëch behandelt an ginn vun den jeweilegen Cheffen en Diskretion stockéiert.
Gesetzlech sinn mir ausserdem verpflicht, no engem Joër dës Fichen ze vernichten, esou dass keen méi Accès op dës Donnéen huet.
Dës Fiche fann dir op eisem Site ënnert dem Lien "Publications" (http://www.lionsbleus.lu). Déi komplett ausgefëllten/ënnerschriwwen Fiche Médicale kënn dir dem respektiven Chef oofginn oder op eis Boite Postale schécken.
Leider kënnen mir ärt Kand nët méi mathuelen, wann dës Fiche nët bis den 14.Oktober 2023 richteg ausgefëllt an bei ons ukomm ass.

Merci fir ärt Versteesdeméch




**Chers parents,**

Vu la législation luxembourgeoise, nous sommes obligés à être à l'actuel de la santé et du bien-être de vos enfants. C'est pourquoi par la présente, nous vous demandons de remplir correctement et signer une fiche santé individuelle de votre enfant pour l'année scoute 2023-2024 et de la remettre aux responsables respectifs. Ces données évidemment personnelles sont garantis à être traitées avec discrétion et ne sont utilisés que par les personnes responsables concernées.
Egalement, obligés par loi, après 12 mois, nous procédons à la destruction définitive des données pour supprimer tout accès aux données confidentielles.
Vous trouverez cette fiche sur notre site internet sous le lien "Publications" (http://www.lionsbleus.lu). Nous vous prions alors de bien vouloir remettre cette fiche dûment remplie aux responsables respectifs ou de l'envoyer à notre boîte postale.
Votre enfant ne peut malheureusement plus participer aux activités, si cette fiche n'est remplie et remise avant le 14 octobre 2023.

Merci pour votre compréhension

**Meilleures salutations scouts :)**
Gremium chefs de groupe



**En neit Scoutsjoer fänkt un.**
Et gët grouss Beaver, Wëllef an Scouten, dèi den nächsten Schrëtt op hierem Scoutswee maan. Sou gët aus engem grousse Beaver e klengen Wëllefchen, aus engem groussen Wëllefchen e klengen Scout an aus engem groussen Scout e klengen Explorer.
Mell dëch also sèier un, fir déng Scoutskollegen op dësem Wee ze begleeden an zesummen e flotten Weekend ze erliewen.



| | |
|---|---|
| **Wèini:** | **30.09. - 01.10.2023** |
| Beaver(BV): | 30.September 23 um 14h00-17h00 jeweils beim Home LBB |
| Wellëf(LX): | 30.September 23 um 14h00 beim Home beim Home LBB |
| Start SG/EX: | 30.September 23 um 10h00 op der Gare Centrale Luxembourg |
| Schluss LX/SG/EX: | 01.Oktober 23 um 15h00 beim Home LBB |


**Präiss:** **21,00 €**, bis den 23.September 23 op den Compte: Les Lions Bleus - Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) ze iwwerweisen, mat der Mentioun: Montée'23 + Numm vum Participant.
> **Bezuelen muss jiddereen deen do schléift** !!!

**Souche:** Oofzeginn/Mail op cg@lionsbleus.lu bis spèidstens den 23.September 23 !!!

**Waat brauchen LX/SG/EX :**
Uniform, Schloofsaack&Carrymatt, Täschenluucht, Täschenmesser (ab SG), Bidon m.Waasser, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Biergschong.....

**>>> Opgepasst !!! SG & EX** brauchen zousätzlech een **Pic-Nic fir SA-Mëttes** !!!

**d'CheffenEkipp**




Ech ………………………………………………… erlaaben
mèngem Beaver/Wëllefchen/Scout/Guide/Explorer

…………………………………………………………

un der **Montée 2023** vum **30.09.-01.10.2023**
zu Bouneweg deelzehuelen.

……………………………………
Ënnerschrëft vun den Elteren



# LBB ELTEREN-VERSAMMLUNG



An deene lëschte puer Joer ass eise Grupp immens gewuess a mir krute vill néi Membere bäi déi net méi ewech zedenke sinn!

Leider wo et eis, wéinst der bekannter Situatioun, net méiglech eng anstänneg Eltereversammlung ze organiséieren an Iech mat allen néidegen Informatiounen auszestatten. Zemools fir eis néi Membere wo dat net evident mat all Eisen Traditiounen a Bezeechnungen.

Dofir free mir eis Iech dat nächst Scoutsjoer ob eis Eltereversammlung anzelueden.

Dir wäert do alles erkläert kréie wat Dir wësse musst an hutt natierlech d'Méiglechkeet selwer Froen ze stellen.

D'**Eltereversammlung** wäert den **14.Oktober'23 um 16h15** bei eis am Home direkt no der normalen Versammlungen stattfannen, anzwar ob Lëtzebuergesch.



# VIIZ-WEEK&ÄPPELSTUFF | AB SCOUTEN



An der Hoffnung dass mir dës Joër méi Äppel hun, maachen mir erëm een ViizWeekend. Samsdes gesinn mir eis moies fréi ier d'Sonn opgeet beim Home fir dann zesummen duerch onst Ländchen ze fueren, op der Sich no deenen schéinsten an beschten Äppel. Se ginn geraaf & geplèckt, d'Beem gi gerëselt an geheemelt. Sonndes dann ginn d'Äppel raséiert, gewäsch, geschnidden, gehäckselt, gekeltert, gestérilisèiert, gedronk & giess...

**> Looss dir deen Gaumenschmauss nët entgoën!!!**

**RENDEZ-VOUS** & **RETOUR**:
21. Oktober 2023 um 9:30 Auer
22. Oktober 2023 ab 14:00 Auer jeweils beim Home LBB.

**>>> Sonndes ab 14:00** Auer sinn är Elteren **& natiirlech och BV & LX mat Elteren & Frënn** härzlëchst op e Patt frëschgepresste Viiz an e Stèck Äppelkuch an eis Äppelstuff (Alles fir 1€) agelueden ...

**PRAISS**: **25 Euro** sinn bis den 14. Oktober 2023 ze iwwerweisen op de Compte BCEE Les Lions Bleus-Rover (LU83 0019 4955 9103 3000)
**SOUCHE:** Ass oofzeginn bis den 14. Oktober 2023 bei dèngen Cheffen.

**MATERIAL:** dem Wieder ugepasste Kleeder, Gamelle, Besteck, Becher, Schloofsaack, fest Schong, Wäsch-saachen, Schaffhännchen, ...**+ 2 eidel** & **propper Fläschen** mat déngem Numm drop fir dain Viiz...




Onoofhängeg op's du mat um Viizweekend dobai bass, invitéieren mir Dëch, dèng Famill an Frënn härzlech op eis

<u>**Äppelstuff**, den **22. Oktober 2023**</u>

<u>vun 14h00 - 16h30</u>

ze kommen an mat eis zesummen e Stèck Kuch ze iessen oder e Glas Viiz ze drènken.

**Umellen kanns du dëch och mat dëser Souche!**

Ech ________________________________

◯ ginn gären mat op den **Viizweekend 2023** vum 21.-22.Oktober 2023.

◯mellen mëch un fir d'**Äppelstuff den 22.Oktober'23** & mir kommen mat ____ Leit.

________________________
(Ennerschreft vun den Elteren)

Dëst Joër ass ët nees esou wäit !




D'Lions Bleus lueden d'Beaver an d'Wëllef an,
op eng grujeleg HalloweenSortie/Soirée,
mat Musék, Iessen, Gedrénks, Spiller
a vill méi ...



Natiirlech gehéiert hei déng cool an grujeleg Verkleedung dobäi !
Mell dëch séier un, dat mir alleguer d'Zutaten fir den Zaubertrank bestellen kënnen.
... ha - ha - ha - ha - ha ...



Rendez-Vous & Retour:
Freides, den 03.11.23 vun 16-21 Auer jeweils beim Home vun de CBDM (38, rue des Celtes L-1318 Märel-Luxembourg)

Präiss: 5 Euro sinn bis den 21.10.23 ze iwwerweisen op den Compte (BCEE Meute - IBAN LU56 0019 4955 9099 1000) mat der Mentioun HalloweenSoirée + Numm vum Kand

Souche: oofzeginn bis spéitstens den 21.10.2023 !!!

Waat brauchs du:
Natiirlech déng cool an grujeleg Verkleedung !!!

Heimat erlaaben ech ______________________________ mèngem Kand
______________________________ den 03.11.23 op d'HalloweenSortie matzegoen.

Datum & Ënnerschrëft: ______________________________





# MIR ginn SCHLITTSCHONG fueren !!!

**Sou lues verstëpsen eis Schlittschong am Keller. Dofir gët ët héisch Zäit dass mir së mol erëm benotzen!!! Mell dëch also séier un fir dat mir och mat DIR puer Pirouetten dréinen kënnen.**

**Wèini:** Den 11.November 2023 um 9:00 baussen bei der Entrée vun der Schlittschongspist op der Kockelscheier
(42 route de Bettembourg L-1899 Luxembourg)

**Retour:** 11:00 baussen bei der Entrée vun der Schlittschongspist

**Präiss:** 3€ sinn mat op den Rendez-vous ze brèngen
+ 3€ fir d'Locatioun vun Schlittschong

**Souche:** ass oofzeginn bis spèidstens den 21.10.23 !

**Waat brauchs du:** Passend Kleeder undoën !!!
(Hännschen, Schaal, Mutz, déck Strëmp...), FOULARD & eppes fir ze drénken an eppes Klenges fir ze iessen/Snack!

**BEAVERKLACK**

Heimat erlaaben ech ..................................... mèngem Beaver ................................................................. den 11.11.2023 un der Schlittschong-Sortie deel ze huelen.



..................................... ...............
Ënnerschrëft Schonggréisst vum Kand


LIONS BLEUS
19 14
BE PREPARED
SAVE THE DATE!
ZIERINGS,
NIEDERÖSTERREICH
WoidLa24
SUMMER
CAMP
AUGUSTE
05.-15. 2024
CAMPLIEWEN | INTERNATIONALEN AUSTAUSCH | NATUR
Méi Informatiounen ob der
Eltereversammlung

# PROGRAMM BEAVER

| | | |
|---|---|---|
| 07.10.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 14.10.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung & EV ab 16h15 |
| 21.10.2023 | | keng Versammlung |
| 22.10.2023 | | ÄPPELSTUFF |
| 28.10.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 03.11.2023 | | HALLOWEEN-SORTIE mat den LX |
| 04.11.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 11.11.2023 | | SCHLITTSCHONGSORTIE |
| 18.11.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 25.11.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 02.12.2023 | | LBB Chrëschtmaart & Kleeschen |
| 09.12.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 16.12.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 23.+30.12.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 27.-29.12.2023 | | CAMP |
| 06.01.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 13.01.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |

# PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|---|---|---|
| 07.10.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 14.10.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung & EV ab 16h15 |
| 21.10.2023 | | keng Versammlung |
| 22.10.2023 | | ÄPPELSTUFF |
| 28.10.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 03.11.2023 | | HALLOWEEN-SORTIE mat den BV |
| 04.11.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 11.11.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 18.11.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 25.11.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 02.12.2023 | | LBB Chrëschtmaart & Kleeschen |
| 09.12.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 16.12.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 23.+30.12.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 06.-07.01.2024 | | CAMP |
| 13.01.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 20.01.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |

# PROGRAMM SCOUTEN

| | | |
|---|---|---|
| 07.10.2023 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 14.10.2023 | 14:00 - 16:00 | TruppenVersammlung & EV ab 16h1 |
| 21.-22.10.2023 | | VIIZWEEKEND & ÄPPELSTUFF (SO) |
| 28.10.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 04.11.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 11.11.2023 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 18.11.2023 | 14:00 - 16:00 | TruppenVersammlung |
| 25.11.2023 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 02.12.2023 | | LBB Chrëschtmaart & Kleeschen |
| 09.12.2023 | | SORTIE |
| 16.12.2023 | 14:00 - 16:00 | TruppenVersammlung |
| 23.+30.12.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 05.-07.01.2024 | | CAMP |
| 06.01.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 13.01.2024 | 14:00 - 16:00 | TruppenVersammlung |
| 20.01.2024 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 27.01.2024 | | Versammlung & AG LBB |

# PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | | |
|---|---|---|
| 07.10.2023 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 14.10.2023 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung & EV ab 16h15 |
| 20.10.2023 | | FNEL RO RacletteOwend |
| 21.10.2023 | | FNEL TB KeelenOwend |
| 21.-22.10.2023 | | VIIZWEEKEND & ÄPPELSTUFF (SO) |
| 28.10.+04.11.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 04.11.2023 | | FNEL EX KachDuell |
| 11.11.2023 | | EX Versammlung |
| 18.11.2023 | | EX Versammlung |
| 25.11.2023 | | EX Versammlung |
| 02.12.2023 | | LBB Chrëschtmaart & Kleeschen |
| 09.12.2023 | | EX Versammlung |
| 09.-10.12.2023 | | RO/TB Weekend |
| 16.-17.12.2023 | | EX Weekend |
| 17.12.2023 | | FNEL RO BA op der Rumm |
| 23.+30.12.+6.01.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 14.01.2024 | | FNEL EX SportsDaag |

**Sixplo 2023 – Sixer & Sizaines goes MAFIA**

Samsdes, den 29. Abrëll hunn d'Sixer vun de Lions Bleus, souwéi vun allen aanere FNELs Gruppe sech um 13:00 bei den Dippecher Dachse getraff, a sinn an e flotte Weekend gestart. Begréißt goufen sie do vum Laurent Lupp, engem bekannten Detektiv, deen d'Sixer em Hëllef gefrot huet, fir als Geheimagenten d'Vertraue vu 4 Mafiafamillen ze gewannen an sie esou drunnzekréie fir hier Verbriechen.

Nodeems jidfereen sëch an der Sportshal ageriicht huet, konnten d'Sixer dann och schon direkt bekannschaft schléiße mam KACHKEISIO LUXI, der MRS LUCKY, dem LANGFINGER JOSEPHINE an der MISS MANNI KLEEN. Fir d'Vertraue vun de Mafiosien ze gewannen, hunn eis Sixer hiert Kënnen an enger Reih Atelieren enner Beweis stellen. Sou hunn sie sech duerch ee Spannennetz voller Alarmschelle geschlach, e Vertrauenshindernisparkours iwwerwonnen a gewisen, dass sie och ouni Wieder kommunizéiere kënnen.
Weider ass et dunn op engem Trajet gaangen. Och hei hunn eis Sixer sech verschiddensten Aufgaben zu Schnellegkeet, Geschecklechkeet, Kreativitéit, Fangerspetzegefill an Teamwork gestallt. Außerdem gouf et e Froebou mat zousätzlechen Aufgaben ewéi z.B. dem Erfanne vun engem Mafiawitz an dem Entziffere vun enger Geheimnoricht.

Owes gouf et dunn ee leckeren Tris de Pâtes z'iessen, op deen sëch déi hongrech Wëllef och anstänneg gestierzt hunn. Uschléißend gouf et dunn eng Véillée à la Casino, wou eis Sixer am Glécksspill konnte räichlech Sue maachen, an déi da vir e Jus oder eng Séißegkeet aléisen. Ënnert aanerem gouf et Roulette, Kaartespiller a Würfelspiller. A fir dass och fir all Mensch eppes derbai ass, konnten sie da Schlussendlech an engem Schmuggler-Nuetsspill beweisen, dat sie och schon ebëssen eppes vum Liewen als Gangster geléiert hunn. Em 22:30 si mir du kollektiv an d'Schloftut gefall, an natierlech hunn d'Sixer bis bei den Hops, den anere Mueren em 8:00 brav duerchgeschlof.

Sonndes, den 30. Abrëll gouf du Mueres fréi de Sack nees gepakt. Duerno konnt jiddfereen sech un engem raichleche Frühstücksbuffet mat Mëtschen, Kichelcher a Schocki erfreen. An och de Picknick fir Mëttes hunn d'Sixer zesummegestallt. Em halwer 10 sinn dann all d'Meuten no an no och bei den Dachsen ukomm. All Grupp huet zesumme säi Posten opgeriicht fir déi grouß Kiermes. Dee ganzen Daach sinn d'Meute vu Posten zu Posten a vu Spill zu Spill gelaf an hunn sech amuséiert. Ennerwee gouf et natierlech iergendwann e Picknick.

Em 15:20 gouf dunn och nach dee beschte Poste gekréint, an d'Mafiabande krute Ruge.

Als Ofschloss gouf mat alle Wëllef an alle Cheffe souweéi alle Mafiosi eng riesech Chaine des Adieux gemaach, iert déi verschidde Gruppen sech nees op de Wee quiersch uerchtert d'Land gemat hunn.

**Fugu**










# RAPPORT Weekend| CHEFFEN (CH)







Rapport Cheffenweekend 14.04 - 16.04.2023

14.04.2023
Mir hunn eis um 17 Auer beim Home getraff fir vun do aus gemittlech bei den Chalet ze fueren. No 2 Stonnen hinfaart sinn mir dann zu Charleville - Mézieres ukomm. An der Géigend huet eis den Pongo een flott Haischen gelount mat allerhand Saachen. Sur Place hunn mir dann den Owend ënnert Cheffen genoss an vun deenen villen Spiller an dem Haus profitéiert. Als Owesiessen gouf et dann Fritten, Ham an Zalot.

15.04.2023
Samstesmoies hunn mir zesummen Kaffi gedronk an hunn eis Prett gema fir d'Visitt op Charleville - Mézieres. Do hunn mir dann een flotten Actionbound gema, deen eis duerch déi schéinsten Ecken vun der Stad gefouert huet. Duerno ass et weidergaangen an den Restaurant. Nomëttes hunn mir et dann bëssen méi roueg ugoen gelooss an sinn zréck bei den Chalet gefuer. Vun Petanque bis Billard wo definitiv fir jiddereen eppes dobäi! Eis Kachequipp huet eis dann eng lecker Tartiflette erbäigezaubert. Als Ofschloss sinn dann d'Sauna an den Jacuzzie ugemaach ginn.

16.04.2023
Fir eisen leeschten Daach hunn mir zesummen Kaffi gedronk an alles geraumt. Mir hunn eis schonn lues a lues Richtung Heemescht gema. Ënnerwee goufen et awer nach Zweschenstops. Als éischt ass et an d'Grotte de Han gaangen. Vun do aus sinn mir dann weider an een authenteschen nordeschen Restaurant gaangen mat villen gudden Spezialitéiten! No dëser Erfarung hunn mir eis dann rëm op den Wee gema Richtung Home fir d'Material auszelueden. Mir soen dem Pongo Merci fir deen schéine Weekend ënnert Cheffen! D'Fro ass elo nemmei, wou geet et als nächst hin? ...

**Mankei**



# RAPPORT LBB SchaffWE| GROUPE (GR)





**SCHAFF-WEEKEND** 13.-14.05.2023

...**GENIAL** soen ech just ...



No laanger Paus, sollten mer ët mol nees 1x hikréien, nët nëmmen een SchaffDaag, mee e ganzen Weekend ze Plangen an Ëmzesetzen :) ...


**WOW** e Weekend voller POWER, ENERGIE & virunallem LOSCHT eppes ëmzerappen fir eisen Home nees an d'Rei ze setzen.

Eng motivéiert Ekipp vun Cheffen&Comitésmemberen sollten zesummen urappen bei beschtem Wieder....



**MIR** haaten natiirlech nees vill um Ziedel stoen: wéi déi traditionnel Botz & EntretienAarbëschten, Divers Saachen déi geflëckt hun missen ginn, Stee opriichten fir daat iirwecht Traapenhaus (no villen Usätz) endlech färdeg ugestrach ass, AlentourAarbëschten, an an an ....

**MERCIIII** un **Jiddereen** deen do wor an an iirgendenger Form eng **HAND mat ugepaack huet ;-)**






# RAPPORT PëngschtCamp| GROUPE (ab LX)

**1.Dag** (27.05.23)

Fir eis, d'Scouten an Explorer ass den Dag schonn um 09h30 lass gaangen ob der Dummeldenger Gare mat engem klengen Trajet.
D'Wëllef hunn sech réischt géint 14h00 am Home getraff. Wärend d'Wëllefcher de ganzen Nomëtteg laang néi Saachen iwwert Mëttelalter kennegeléiert hunn mat engem Gänsespill, hunn d'Scouten an d'Explorer hier Zelter a Kichenkonstruktiounen opgeriicht.
Dës weideren krute mir och vum Melusina mat gedeelt, dat hat sech mam Siegfried no all deene Joren nees treffe wëll. Hat huet him dowéinst ee Bréif geschriwwen. Dësen ass awer vun engem Kueb geklaut ginn an a Stécker zerrappt ginn… Elo ass et un eis fir de Camp iwwer no Stécker vum Bréif ausschau ze hale fir dem Siegfried soen ze kënnen, wou hien sech dann elo mam Melusina treffe soll.
Owes gouf et dunn Wäinzoossissen mat Moschtersauce a Gromperen. No dëser leckerer Muelzecht, hu mir nach ee klengt Nuetsspill ob engem Feld gemaach. Héi missten d'Kanner Goldstécker vun enger Säit vum Feld ob déi aaner bréngen. Mee ënnerwee stounge Cheffe si ze fänken.
No dëser Aktivitéit hunn d'Kanner dann och deen éischten Deel vum Bréif fonnt, a si glécklech schlofe gaangen.

**2.Dag** (28.05.23)

Fir den zweeten Dag si mir fréi opgestanen, wëll mir vill virhaten. Nom Moiesiessen hu mir Picknick fir Mëttes gemaach an hunn duerno de Bus an d'Stad geholl. Dohannen ukomm, sinn d'Kanner a Gruppen opgedeelt ginn a missten ee klenge Quiz uechtert Stad léisen. Si misste Platzen erëm fannen, Ënnerschrëfte sammelen a Rätsele léisen.
Fir Mëttes hu mir eis dann nees um Knuedler getraff fir zesummen eise Picknick ze iessen. Do hunn Kanner dann och nees e Stéck vum Bréif fonnt.
Duerno ass et dann och direkt weider gaange mat enger UNESCO Visitt duerch d'Stad. Do si mir all déi Bekannte Platze vun der Stad kucke gaangen, an och manner bekannte Platzen. Kasematten, Gëlle Fra, Corniche, Palais, etc… alles wo dobäi!
No dësem laangen awer flotten Dag, hu mir eis dann alleguer eng gutt Glace schmaache gelooss. Bei där Hëtzt huet déi esou richteg gutt gedoen. Duerno si mir dann nees zeréck an d'Home gaangen.
Do ukomm, hu mir et emol roueg ugoe gelooss. Eng Partie Loup-Garou, eng kleng Ballaktivitéit an da wo d'Energie nees do.
Owes gouf et dunn e gudden Eintopf.
Wëll et een laangen an ustrengenden Dag wor, sinn déi méi kleng schloofen gaangen an Mir hunn all Zesummen den Owend gemitterlech beim Feier ausklénge gelooss.











**3.Dag** (29.05.23)

De lëschten Dag wo Moies dann ofriichten ugesot. Do huet jiddereen eng Hand mat ugepaak! Do goufen dann och nach e puer Stécker vum Bréif fonnt. Géint der Mëtte wo dann och alles schonn Tipptopp agepaack a mir haten all Stécker zesumme fir de Bréif liesen ze kënnen:

*Mäi léiwe Siegfried,*

*Et ass elo scho laang hier wou mir eis déi leschte kéier gesinn hunn. An mir sinn net am gudden ausernee gaangen...*

*Mee trotz allem wat geschitt ass, misst ech all déi Johonnerten un dech denken.*

*An ech wëll net méi eleng sinn.*

*Ech hunn dir verziehen an ech wëll nees mat dir zesumme sinn!*

*Wanns du och esou emfënnst, da komm hei hinner:*

*Méindes Mëttes ob der Gantebäitsmillen*

*Ech waarden ob dech*

*An aller Léift*

Mir hunn dunn direkt dem Siegfried ugeruff an him déi gutt Nouvelle matgedeelt. Mir hunn eis Siwe Saache geholl a sinn och ob déi Platz gaange wou d'Melusina proposéiert huet. Dohannen ukomm, hat Melusina schonn alles virbereet fir ze lessen. Mir woren alleguerten Zeie wéi de Siegfried an d'Melusina sech no all deene Joerhonnerten nees an den Aarm geholl hunn. Dat hu mir dann och alleguerten zesumme geféiert! Iergendwann wo et dunn awer Zäit nees zeréck bei d'Home ze goen. Beim Home ukomm, hu mir nach eng Châine des Adieux gemaach a sinn alleguerte Midd, mee glécklech Heem gaangen.











# Impressiounen LBB Grill| GROUPE (GR)







!!! MERCI un JIDDEREEN deen laanscht komm ass & dem DJ Fish fir d'MUSEK !!!





# RAPPORT Sortie| BEAVER (BV)

D'Beaver haten sech den 24.Juni 2023 um 10 Auer op bei der Gare Centrale getraff. D'Cheffen kruten een Bréif vum Bibu! Seng Weltrees ass op een Een komm. Hien ass endlech rëm zu Lëtzebuerg ukomm, mais leider fënnt hien den Wee nemmei zréck an d'Home...
De Bibu ass awer ee fläissege Beaver an huet probéiert sech eleng op d'Sich ze maachen. Duerch déi ganz Stad huet hien Ziedelen opgehaangen, fir dass d'Beaver hien och kennen fannen, falls hien sech verlafen sollt. An sou sinn d'Beaver lassgetreppelt fir den Bibu zefannen! Eis éischt Destinatioun wo den Naturmusée am Gronn. Nodeems mir een Tour duerch den Musée gema haten an den Bibu leider net fonnt haten, hunn mir op der Spillplaz eng kleng Iessenspaus gema. Ouni eng kleng Stäerkung wiere mir net weit komm! Vun do aus sinn mir den Ziedelen nogaangen bis an d'Groussgaass. Do kruten d'Beaver dann eng Glace, déi bei dësem Wieder wierklech néideg wo! Den Bibu huet d'Beaver schliisslech bis bei d'Pirateschëff gefouert, wou d'Kanner bëssen spillen konnten. Den leeschten Ziedel hunn mir dann awer beim Glacis fonnt. No längerem siichen huet den Bibu dann schliisslech bei den Tramsschinnen gewaart!
Eis Beavercheffen hunn de Bibu matgeholl fir hien rëm zréck an den Home zebrengen. Ouni d'Hëllef vun eisen fläissege Beaver géif de Bibu haut nach duerch d'Staat treppelen! Merci Beaver! **Mankei**







# RAPPORT FNEL Pow-Wow| GROUPE (GR)





POW WOW

Moies  war schonn fréi den RDV beim Home, wou eis e Bus siche komm ass. Mir sinn zesumme mat den CBDM dunn um Misärshaff ukomm, wou dann och direkt d'Partie Officielle ugefaangen huet. Hei goufen och Cheffen vun de Lions Bleus ausgezeechent. D'Léa, de Reebou, den Nicolas kruten hiren Diplom fir hier gepackten Formatioun als Assistant Chef d'Unité.
BRAVO un si.
Dono ass et lassgaange mat der Kiermes.  All Branche huet sech op de Wee gemaach fir verschidden flott Posten ze absolvéieren am Thema Zäitrees. Well, dësen Pow-Wow war den 100sten Pow Wow ! All Posten war anescht dekoréiert, ëmmer passend zu engem Joerzéngt.
No engem klenge Picknick, huet d'Wieder leider net méi matgespillt. Et huet ugefaange mat Reenen an Donneren, soudass d'Organisateuren leider gezwongen waren, eis erëm heemzeschécken. Naass a midd, awer zefridden, si mer erëm zu Bouneweg ukomm an hunn eis do no enger Chaine des Adieux Äddi gesot.     DAMA











## An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

in the
PACKAGE

**T-SHIRT**
**&**
**HOODIE**

fir nëmmen:
**45 EURO**



T-shirt 17€



Knuet 5€



Pullover 30€



Foulard 10€

and many more to . . .

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard** & an nach villes mèi.
Du kriss also Alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och **Kniet** fir un däin **Foulard**, **Scoutsbichelecher** ewéi och de **Vademecum**...

>> Aussserdem verkaafen mir och OccasionsHiemer <<
du kriss dëst schon fir 15 € ...

Next **Datumer** wou den **SHOP** op ass:
... 07/10/2023 ... **25/11/2023** ... 27/01/2024 ... 02/03/2024 ...

# NEWS LBB - LIB séng PostKaartenSammlung













# FNEL - KALENNER

fnel scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!

| | |
|---|---|
| 20.-22.10.2023 | JOTA-JOTI |
| 20.10.2023 | RO RacletteOwend |
| 21.10.2023 | TB KeelenOwend |
| 28.10.-05.11.2023 | ALLERHELLJENVAKANZ |
| 04.11.2023 | EX KachDuell |
| 29.11.2023 | CoGro |
| 14.12.2023 | RO BA op der Rumm |
| 22.12.2023 | WinterWonderLand |
| 23.12.-07.01.2024 | KRËSCHTVAKANZ |
| 14.01.2024 | EX SportsDaag |
| 24.01.2024 | CoGro |
| 03.-04.02.2024 | SG Explo |
| 08.02.2024 | Réunion semestrielle |
| 10.-18.02.2024 | FUESVAKANZ |
| 16.03.2024 | RO/TB QuizOwend |
| 23.03.2024 | TB TrëppelDaag |

# ET SCHÉNGT ...

01) wéi wann eis Blo Léiwen Famill gewuess ass, an elo ëm 2 Memberen méi grouss ginn wiir.
02) dat um SchaffWeek nët nëmmen mat vill Hänn flaisseg geschafft gi wiir, mee och eng Visite ustoung.
03) dat eis Explorer fir d'FNEL SeefenKëschtenRennen wuel eng ordendlech RennMaschinn gebaut haaten.
04) wéi wann daat klengt Kaweechelchen sëch ab elo ganz offiziell och an friem Gewässer trauen duerf.
05) wéi wann eis Cheffen dës ScoutsJoër déi éischten kéier sollten een CheffenWE plangen an ëmsetzen.
06) dat eisen Oofschloss d'LF, Thema ‚Scoutismus' gudd ukomm ass an d'Léit nees mat Freed dobai woren.
07) wéi wann um 100.Pow-Wow vun der FNEL um Misärshaff eng gudd Stëmmung&flott Ambiance wor.
08) dat d'Inia&de Vari vun de MW (n.d.1.Romance um Sail) sëch dëse Summer géigensäiteg JO gesoot hun.
09) dat déi 40'000 part. um WorldScoutsJamboree a SüdKorea, dovun 250 Lëtzebuerger bessi Pech haaten.
10) wéi wann um ‚SUWA' an der Wallonie ënner aanerem den Marsupilami sëch ronderem gedriwwen huet.

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01) dat eis BV CH: Claude an d'Lisy Elteren ginn sinn an mir hinnen vill Spaass wënschen an der kl.Famill.
02) wéi wann den Atra laanschtkoum mam klengen MiniLéif ‚Camie' waat Alles ganz kritesch ugekuckt huet.
03) wéi wann dës esou gudd wor an allen Disziplinnen, daat eng exzellent 2.Plaatz dobai erauskomm ass.
04) dat hat an Zukunft op dem oppenen Mier ganz drëchen am Böötchen ronderm schipperen kann&duerf.
05) dat Dësen vollen Succès haat&Jiddereen matgaang wor, fir puer flott Deeg an der Belge ze verbréngen.
06) wéi wann beim TriDiPasta ‚Lasagna' eng ze grouss Paan gouf déi guer net an de Schäffchen gaang wor.
07) dat Dës awer nët ausgebremst gouf duerch Onwiedermelldung an déi noutgedrongen gudd Evakuation.
08) wèi wann d'LBB vun hierer Sait der Koppel alles Guddes wënscht mat vill flotten weideren Joren.
09) wèi wann Sie no der TaifunWarnung relogéiert goungen, fir an Sëcherheet altern.Programm ze maan.
10) dat Sie mat him zesummen Campplaatz onroueg gemaach hun an en Ausflug op Miir gemaach haaten.

# LBB MEMES










# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MME Reifenrath Katrin, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Thibo Charles, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Minn Claude, Fam. Konsbruck-Droulans, Fam. Theisen/Jhang Katia, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Fam. Reiners, Fam. Zimer, Fam. Reuter-Schantzen, . . ..

# AGENDA | Oktober-Dezember'23

| oktober'23 | | november'23 | | dezember'23 | |
|---|---|---|---|---|---|
| **So 1** | **GRUPPEN-MONTEE** | Më 1 | | Fr 1 | |
| Me 2 | | Do 2 | | **Sa 2** | **LBB Kréschtmmaart & Kleeschen** |
| Dë 3 | | Fr 3 | **BV/LX Sortie** | **So 3** | |
| Më 4 | | **Sa 4** | FNEL EX Kachduell | Me 4 | |
| Do 5 | | **So 5** | | Dë 5 | |
| Fr 6 | | Me 6 | | Më 6 | |
| **Sa 7** | BV/LX/PV/EX<br>**LBB Shop & SecondHand** | Dë 7 | | Do 7 | |
| **So 8** | | Më 8 | | Fr 8 | |
| Me 9 | | Do 9 | | **Sa 9** | BV/LX/EX<br>**SG Sortie / ROTB Weekend** |
| Dë 10 | | Fr 10 | | **So 10** | **ROTB Weekend** |
| Më 11 | | **Sa 11** | LX/PV/EX<br>**BV Sortie** | Me 11 | |
| Do 12 | | **So 12** | | Dë 12 | |
| Fr 13 | | Me 13 | | Më 13 | |
| **Sa 14** | BV/LX/TV/EX<br>**Elterenversammlung** | Dë 14 | | Do 14 | |
| **So 15** | | Më 15 | | Fr 15 | |
| Me 16 | | Do 16 | COMITÉ | **Sa 16** | BV/LX/TV<br>**EX Weekend** |
| Dë 17 | | Fr 17 | | **So 17** | **EX Weekend**<br>FNEL RO BA op der Rumm |
| Më 18 | | **Sa 18** | BV/LX/TV/EX | Me 18 | |
| Do 19 | COMITÉ | **So 19** | | Dë 19 | |
| Fr 20 | FNEL RO Raclette | Me 20 | | Më 20 | |
| **Sa 21** | **VIIZ-WEEKEND**<br>FNEL TB Keelen | Dë 21 | | Do 21 | COMITÉ |
| **So 22** | **VIIZ-WEEKEND & ÄPPELSTUFF** | Më 22 | | Fr 22 | |
| Me 23 | | Do 23 | | **Sa 23** | |
| Dë 24 | | Fr 24 | | **So 24** | |
| Më 25 | | **Sa 25** | BV/LX/PV/EX | Me 25 | |
| Do 26 | | **So 26** | | Dë 26 | |
| Fr 27 | | Me 27 | | Më 27 | **BV Camp** |
| **Sa 28** | | Dë 28 | | Do 28 | **BV Camp** |
| **So 29** | | Më 29 | | Fr 29 | **BV Camp** |
| Me 30 | | Do 30 | | **Sa 30** | |
| Dë 31 | | | | **So 31** | **LBB SYLVESTER** |

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT

fnel scouts & guides

LIONS BLEUS 19 14 BE PREPARED

LUXEMBOURG 1

Port payé

P/S 057

... Oh My Goat ...
Tjo Atra, do woren déng kleng
Schwester Inia & Vari wuel bessi
méi schell punkto Hochzait ;)



*** THATS ALL FOLKS ...**